N° 5003
Reçue le 22.09.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.09.2021

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. September 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

A Lycéeën an an Primärschoule soll et Fäll ginn, wou Kanner vun Ausflich a sougenannten "classes de neige" vu vireran ausgeschloss ginn, well se net geimpft sinn. Eltere kruten a konkrete Fäll matgedeelt, dass hiert Kand net matfueren dierf, wann et net vollstänneg geimpft ass.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Kann de Minister confirméieren, datt ongeimpft Schüler net un Ausflich bzw. un "classes de neige" kënnen deelhuelen? Wa jo, ass an deem Zesummenhank eng Uweisung vum Ministère un d'Schoulen erausgaangen? Wann nee, wéi steet den Här Minister zu dëser punktueller Impfflicht fir Schüler? Gëtt et dozou eng gesetzlech Basis?
2) Hunn d'Elteren, deenen hiert Kand, dat net geimpft ass, net un engem Ausfluch oder enger "classe de neige" deelhuele kann, d'Méiglechkeet, géint dës Entscheedung vun der Schouldirektioun virzegoen? Wat réit den Här Minister an dësem Fall den Elteren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 5003 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

D'Äntwert op d'Fro vum honorabelen Deputéierte geet aus der Instruktioun ervir, déi virum Schoulufank un d'Regionaldirektiounen am Enseignement fondamental an un d'Lycéesdirektiounen am Enseignement secondaire gaang ass. Wat d'Schoulreese betrëfft, heescht et do: « *Les visites d'intérêt pédagogique ainsi que les excursions scolaires, même à l'étranger et comportant une ou plusieurs nuitées, sont autorisées sous réserve du respect du protocole sanitaire du lieu de destination. Les excursions comportant une ou plusieurs nuitées se déroulent sous le régime Covid check.* » Eng Impfflicht ass deemno net virgesinn.

Ech bieden den honorabelen Deputéierten, mir déi Schoulen oder Lycéeë matzedeelen, an deenen dës Instruktioun net agehale gëtt, fir datt meng Servicer deene Fäll kënnen nogoen.